



Informationsblad zum Krautgaart-Geméisguerf

De Krautgaart-Geméisguerf funktionéiert nom Prinzip vun der **solidarescher Landwirtschaft - kuerz Solawi**. Bei enger Solawi deelt sech e Grupp vu Konsumenten oder och Membere während enger Saison d'Rekolt vun engem oder méi Betriber.

Vu dass de Bauer vill Ausgaben am Ufank vun der Saison huet gëtt de Bäitrag ganz am viraus oder an Tranche bezuelt. De Bäitrag ergëtt sech aus de viraussichtleche Betriebskäschte gedeelt duerch d'Unzuel vun de Memberen.



Krautgaart Geméisguerf 27 Oktober, 2017

Eng Membership beim Krautgaart bedeit:

- All Woch e Guerf voll mat frëschem Geméis.
- Méi wéi 60 verschidde Geméisarten iwwert d'Saison entdecken.
- Manner Liewensmëtteloffall - all Geméis gëtt verdeelt, och Geméis dat optesch net der Norm entsprécht, awer qualitativ dowéinst net méi schlecht ass.
- E perséinleche Bezuch zum Produzent an d'Méiglechkeet him Feedback ze ginn.
- Den ekologesche Gaardebau - eng nohalteg Notzung vu knappe Ressourcen, wéi Waasser, fruchtbare Buedem a fossiller Energie mat manner schiedlechen Emissiounen fir eis Ëmwelt.
- Ëmweltfrëndleche Konsum duerch kuerz Transportweeër a manner Verpackung.
- E gerechte Loun garantéiert duerch Transparenz, keng Tëschenhändler an e korrekte Präis vum Geméis.
- Eng Landwirtschaft déi onofhängeg vum fräie Marché an de groussen Handelsketten funktionéiert an dowéinst manner kommerziellem Drock ausgesat ass.
- Schafe vun Aarbechtsplazen am ländleche Raum.
- Den Erhalt vun enger klengstrukturierter, villfältiger Landwirtschaft an domat och enger interessanter Kulturlandschaft.



Eise grouse Gaart zu Stengefort um Rouseberg am September.



Froen an Äntwerten

- **Wéi vill Wochen am Joer kann ech mäi Geméis siche goen?**

D'Längt vun der Saison ass ofhängeg vum Wieder, geet awer mindestens vu Mee bis November. 2018 ass di éischt Verdeelung fir den 20 Abrëll, an di lescht Verdeelung fir den 30 November geplangt. Dat entsprécht 33 Verdeelungen. Wann dat éischt Geméis prett fir d'Rekolt ass, informéieren mir eis Memberen.

- **Fir wéi vill Leit ass een Geméiskuerf?**

De Geméiskuerf ass gutt gefëllt. Wéi laangs du domat kënns, hänkt vum Haushalt an den lessgewunnechten of.

- **Wéivill Geméis ass am Kuerf?**

D'Geméiskierf sinn esou zesumme gesat, dass du schéin Menüen kanns kachen. Hei dräi Beispiller vu geplangten Geméiskierf fir d'Saison 2018:

Mee - Spinat, jonk Muerten, Fr. Zwiebelen, Réidercher, Zalot (Kapp o. Mesclun), Navets, Kohlrabi, Péiterséileg a Kraider

August – Auberginen, Tomaten, Cucumbas* (*sou ginn eis Concomberen op Jamaica genannt), Poivron, Zucchini, Zalot, Mangold, Muerten, verschidden Kabeszorten, Bounen, Gromperen, Ennen, Knuewelek, verschidde Kräider

Oktober – Tomaten, Paprika, Auberginen, Zucchini, Porretten, Muerten, eng Auswahl u Kabeszorten, Potiron, Gromperen, Endivien Zalot, Mesclun, Spinat, Pastinaken, Kraider

Dës Angaben sinn ouni Garantie. Eis Rekolt hänkt och ëmmer vum Wieder an aneren Ëmweltaflëss of.

- **Nei fir d'Saison 2018: Wat maachen wann ech emol méi Geméis brauch?**

Dann kanns du als Krautgaart Member Geméis zu engem favorablen Kilopréis bäikafen. Du hëls dir dat wats du brauchst, lees alles zesummen op d'Wo an bezils en eenheetlechen Kilopréis.

- **Wéi, wou a wéini kréien ech mäi Geméis?**

De Geméiskuerf kenns du bei ee vun eise Verdeelungspunkten sichen. An eiser Maarthaal zu **Käerch op 1, chemin de la fontaine** an beim Claude an der Garage zu **Kayl op 7, rue Jules Wilhelm**.

D'Verdeelung op deenen zwou Plazen ass ëmmer **Freides vun 16:30-19:30 Auer**.

- **Wat brauch ech bei der Verdeelung?**

E Geméiskuerf, evtl. Mehrwegbehälter oder Naturtaschen*. Kompostéierbar Tuten sinn do. Mir freeën eis awer iwwer all Tut déi e puer mol benotzt gëtt. 2017 hu mer eleng fir 800€ Tuten verbraucht. *Naturtaschen kanns du als Member bei eis zu engem favorabele Präis kafen.

- **Wéi ass den Oflaf?**

Dat frëscht Geméis ass wéi op engem Maart an Këschtchen presentéiert. Op den Tafelen steet wéi vill Geméis all Member ze gutt huet. Jiddereen hëlt sech säin Undeel a peekt en a säi Kuerf.



- **Wéien Geméis kréien ech?**

De Geméiskuerf besteet aus saisonalem Geméis aus eise Gäert. Ofhängeg vum Zäitpunkt am Joer sinn dat tëscht 5 an 15 verschidde Geméis- a Kräiderzorten. Mir hunn zwou grouss Zären (insgesamt 420m²) an deenen mer och Tomaten, Paprikaen an Auberginen ubauen.

- **Wat maachen ech wann ech e Geméis net gär hunn, resp. aus gesondheetleche Grënn net iesse kann?**

Fir dës verständlech Situatioun hu mir en Tauschdësch virgesinn. Hei kanns du däin Geméis géint anert Geméis tauschen.

- **Wat maachen ech, wann ech keng Zäit hunn d'Geméis sichen ze kommen?**

Wann Dir eemol keng Zäit hutt äert Geméis sichen ze kommen, dann kann och eng aner Persoun an ärer Plaz kommen. Dës kënne Famill, Frënn oder d'Nopere sinn. Dir musst eis dofir net extra am Virus informéieren.

- **Wat bedeit d'Risikodeelung an enger Solawi?**

Duerch spéiden oder fréie Frascht, Knëppelsteng, starke Reen oder Drëscheperioden kann et zu Ausfäll bei der Rekolt kommen. An deem Fall kann de Geméiskuerf manner grouss ausfalen. An der solidarescher Landwirtschaft deele sech de Bauer an d'Membere vun der Solawi dëse Risiko.

- **Ass et méiglech mäi Geméiskuerf temporär ofzebestellen?**

Dëst ass während der Saison net méiglech. Fir eis ass dës Verbindlechkeet wichteg fir eisen Ubau laangfristeg kënnen ze plangen.

- **Kann ech d'Memberschaft während der Saison kënnegen?**

Grondsätzlech ass dat net méiglech. Du kanns awer e Remplaçant proposéieren, deen d'Geméis weiderhi siche kënt. E Remboursement ass net virgesinn.

- **Ginn et nach aner Wueren nieft dem Geméis?**

Nieft dem Geméis kënt der all Freiden nach frësch Eeër, Gebeess an Hunneg kafen. No an no erwidere mir d'Offer vun ekologeschen an lokalen Produiten. Looss dech vun ausgewielten Produiten iwwerraschen.

- **Muss ech um Feld matschaffe wéi dat an aneren Solawi-Projeten deelweis üblech ass?**

Als Member vum Krautgaart bass du net verpflichtet um Feld matzeschaffen. Mir wëllen awer méiglechst transparent schaffen an eis Memberen iwwert eis Entscheedungen an eis Aarbechtsweis um Lafenden halen.

Eng Visite um Feld ass no Ofsprooch mat eis ëmmer méiglech. Ee Member dee sech an de Projet wëll mat era bréngen kann eis gärten dorobber uschwätzen.

- **Gëtt Geméis bäikaf?**

All d'Geméis ass aus eise Gäert vu Stengefort an Käerch. Eisen Ubau ass inspiréiert vun der Natur, ouni Asaz vu chemeschen Dünger a Pestiziden.

Fir déi spéit Gromperen schaffe mir mam Biobauer Mario Kleer vun leverläng zesummen. Hien Verzicht op den Asaz vun op Koffer baséierten Fungiziden, obwuel se am biologeschen Ubau zougelooss sinn.

- **Nei fir d'Saison 2018: De Krautgaart Ökobäitrag → Investéier an Uebst!**

De Krautgaart Ökobäitrag funktionéiert nom Prinzip vun der solidarescher Landwirtschaft. Et ass eng Investitioun an Uebstbeem déi Uebst erëmgëtt. Mat dengem Bäitrag planzen mir Uebstbeem an Hecken. Si produzéieren Uebst, Nëss an kleng wëll Friichten (z.B Hielänner, Schléiwen, Spackelter). Um Ertrag gëss du dann bedeelegt:

- Fir e Bäitrag vun 35 Euro hues du eng Mëschung vun 7kg Uebst ze gutt. Du kanns och multiplen vun dësem Bäitrag kafen. Z.B. 70€ oder 105€, schreiw et einfach op den Umeldeformulaire dobäi.
- Et kann 3 bis 5 Joer daueren ier di jonk Beem Friichten droen. Mir kontaktéieren dech dann.
- Däin Uebst kanns du dir dann entweder selwer plécken kommen oder op der Geméisverdeelung ofhuelen.
- Mir planzen fir dech Äppel, Biren, Kiischen, Mirabellen, Quetschen, Nëss an e sëllegen anert Uebst.

Däin Ökobäitrag gëtt nach méi wéi Uebst erëm! D'Beem an d'Hecken wäerten di allgemeng Kulturlandschaft op, si schützen d'Geméis op eise Felder viru staarkem Wand an sinn gläichzäiteg Liewensraum fir verschiddent Gedéiesch. Virun allem Insekten an Villeger freeën sech. Ënnert hinnen och esou genannten Antagonisten déi sech géigensäiteg kontrolléieren. E Beispill sinn ‚Schlupfwespen‘ der hier Larven sech vun Leis ernären, an domat verhënneren, dass d'Leispopulatiounen ze grouss ginn an Schued un eise Kulturen maachen.



- **Hues du soss nach Froen?**

Dann schreiw eis eng E-mail op gemeis@krautgaart.lu.

Mir freeën eis schonn op d'Saison 2018

Claude, Max an Jean-Marc (wéi op der Foto vu lenks no riets)

Um Schluss e Gedankespill

1 fir 50*, 50 fir 1

Am Krautgaart schaffen mir zu zwee Vollzäit (Max Epstein an Jean-Marc Parries) an een Hallefzäit (Claude Petit). Domat kënnen mir an eisen Gäert wëchentlech fir 130* Leit Geméis produzieren. 1 vun eis produzéiert domat fir 50 Locals Geméis. An ëmgedréint bezuelen 50 Lolcals den Akommes vun engem Krautgaartler. 1 fir 50, 50 fir 1.

E Modell fir d'Zukunft?

* Mir rechnen mat 1 Persoun déi regelméisseg kacht. No eiser Erfahrung kommen gutt zwee Leit mat engem Kuerf aus. Deemno wier et souguer 1 fir 100, 100 fir 1